

Rapport vun der Feld- an Bëschwee Kommissioun

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥7)	Net present	Observateuren a Experten
Serge ERPELDING (President)	Georges CAMPILL (entschëllegt)	
Joe HEINZ	Joël HERREN (entschëllegt)	
Jean HENSEL	Marc HOFFMANN (net entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Luc LESCH (net entschëllegt)	
Daniel RIEDEL	Gilles LOSCH (entschëllegt)	
Arlette SCHARTZ	Carlos MOREIRA CARDOSO (entschëllegt)	
Emile SPLICKS	Henri NOESEN (net entschëllegt)	
Charel WESTER (net méi Awunner)		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzläscht
- 1. Remarquen zum leschte Rapport
- 2. Alen Useldenger Wee
- 3. Situatioun vun den Gemengen Feld- a Bëschweeër.
- 4. Eventuell Ufroen oder Doleancen vum Gemengerot
- 5. Divers
- Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 5. Mäi 2021 gouf ouni weideren Kommentar ugeholl.

Punkt 2 : Alen Useldenger Wee

Wéi am leschten Rapport schonn ugedeit, huet Gemeng Useldeng, kuerz no eiser Sëtzung, op hirer Säit vum “Alen Useldenger Wee” eng Schikan installéiert, fir domat den Duerchgangsverkéier ze verhënneren. Eis huet interesséiert op des Moosnam déi gewünschte Wierkung huet, an ob elo eng Verkéiersberouegung agebrueden ass. Aus verschiddene Quellen vun regulären Benotzer a Vëlofuerer koom den Feedback dat manner Autoen ënnerwee sinn wéi virdrun. Leider ass d’ Resultat net ganz zefriddestellend, well d’ Schikan esou ausgeluecht dat SUV an Jeepen ouni Problem kënnen driwwer fueren. Esou sinn hei nach ëmmer Gefierer trotz Verbuetschëlde ënnerwee. Uelegflecken bei der Schikan beleëen, dat och nach normal Autoen hei fueren an dann warscheinlech iwwert den Sockel schrappen.

Punkt 3 : Situatioun vun den Gemenge Feld- a Bëschweeër

Zu dësem Punkt hat de Serge am Virfeld mam Marc Mannes geschwat, deen zesummen mam Steve Rollinger ee Relevé vun de Weeër gemäht huet. Déi follgend Punkten, vum Marc Mannes, huet hien eis virun der Reunioun iwwer Mail weider geleet, an an der Sëtzung sinn zousätzlech Punkten dobäi komm:

- D’ Opträg fir déi am Gemengerot gestëmmt Weeër sinn eraus, et läit awer keng Lëscht vir.
- De **Beiverat** ass fäerdeg gestallt
- Um **Hoerast (Hourescht)** zu Brouch, fänken d’ Aarbechten Enn Oktober un.
- **“Auf dem Bieger”** zu Huelmes waart Gemeng op Geneemegung vum Environnement.
- Am Geifer Wee soll deemnächst eng geplangten Waasserleitung geluecht ginn.
- Bei anere Projeten waarden se nach op d’ Plannungen vun den Firmaen. Do wëllt den Serge nach eng kéier nohaken.
- De Wee vun der Rue du Bois an de Schäkeltgen ass an engem schlechten Zoustand.
- De Wee “Rue des Champs – Scheedel”, zesummen mat Sicon, ass fale gelooss ginn.
- D’ Rue du Château erof an den Märjendall ass nach ëmmer gespaart. Wat geschitt hei?
- D’ Strooss Märjendall-Keispelt op der Héicht Flüchtling-Heem ass schlecht.

Weider huet de Serge ob d’ Ökopunkte-System (*) vum Ëmweltministère higewisen, dat zum droen kënn bei Ännerungen, Ëmgestaltungen vun natierlechen a geschützten Liewensraim. Goudronéieren oder verleeën vun Bëton-Spuerplacken op Feldweeër ginn negativ konnotéiert. Dat selwecht gëllt fir d’ Schafung vun neie Weeër oder neien Verbindungen tëschent Weeër.

(*) Méi Info heizou fann dir ënner:

<https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/biodiversite/ecopoints/Ecopoints-Leitfaden.pdf>

Punkt 4 : Eventuell Ufroen oder Doleancen vum Gemengerot

Vum Gemengerot leien keng Ufroen oder Doleancen vir.

Punkt 5 : Divers

➤ **Vëlos- Weeër tëschent den Dierfer**

An der Diskussioun zur Situatioun vun Feld- a Bëschweeër ass op eemol ganz intensiv iwwer Vëlo's Weeër geschwat ginn an haaptsächlech doriwwer wéi een mam Vëlo vun engem Duerf an dat anert kënnt. Dëse Sujet betrëfft och, oder esouguer méi, aner Kommissiounen wéi d' Nohaltegkeet an d' Zirkulatioun.

Wuel verstan, et geet net ëm déi sportlech Fräizäit-Gestaltung vun Erwuessenen mam Vëlo, duerfir geet Méiglechkeeten, wann och net wierklech sécher, op de Stroossen an an de Bëscher vun der Gemeng oder anerwärts. Hei geet et dorëms fir gëeegent a sécher Verbindungen ze schafen, op deenen och Familljen mat Kanner sécher mam Vëlo fueren kënnen. Follgend Punkten kommen zur Sprooch:

- Et feelt un propperen Méiglechkeeten fir ouni Auto an ouni immens Ëmweeër Feld op, Feld of, tëschent den Dierfer hin an hir ze fueren, z.B. fir Akeef, Dokter, Aarbecht, Besuch, Fräizäit a esou weider.
- Et ginn bal keng markéiert Vëlo' s Pisten.
- Vëlo' s Promenaden an der Famill mat Kanner sinn am grouse Ganzen net méiglech.
- Gefill besteet dat Gemeng net genuch, oder bal näischt duerfir mécht, obwuel dëst och ekologesch immens sënnvoll wier.

De Serge huet an dem Zesammenhang nach vum Remembrement geschwat, wat warscheinlech awer och net weiderhëlleft?

➤ **Ënnerhalt vun den Weeër**

D' Fro ass gestallt ginn wien fir botzen zoustänneg ass, wa meeschtens am Fréijor, Enn Summer oder Ufangs Hierscht, no Feld Aarbechten bei naassem Wieder d' Feldweeër, an haaptsächlech déi Goudronéiert, staark verschmotzt sinn. Zemoos wann décke Bulli dorop läit ass onangeneem fir d' Foussgänger an d' Vëlofuerer. Och déi Buedem Weeër sinn Radspueren heiansdo staark agegruewen, mat déiwen Furen a groussen Pill, an doduerch ass Benotzung ëmständlech

a ongemittlech. No Ausso vum techneschen Service sinn fir d' Botzen d' Verursaacher zoustänneg. D' Erneierungen an Reparaturaarbechten u Feldweeër gëtt vun der Gemeng d'ASTA (Administration des services techniques de l'agriculture) kontaktéiert, déi duerfir zoustänneg ass.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung gouf festgehal entweder fir de **23 oder 25 November 2021 um 20h30** an der Koll, weiderhin ofhängeg vun eventuellen Covid Moosnamen.

WICHTEG: D' Dagesuerdnung ass fir gemeinsam, mat Hëllef vum "Geoportail", den Zoustand vun den Gemenge Feld- a Bëschweeër nach eng kéier festzehalen. D' Memberen sollten sech duerfir preparéieren an eventuell unhand vun z.B. Fotoen weisen wo Handlungsbedarf besteet. De Rapport doriwwer geet un Gemeng an un den techneschen Service, fir déi néideg Moosnamen an ze leeden.

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.